N°575
Entrée le 23.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°575 vum 4. Abrëll 2024 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.**

**Wéi gouf dës Ënnerstëtzung pro Entitéit opgedeelt a wat fir een Zweck gouf konkret domat ënnerstëtzt?**

Am Kader vun der *Promotion de l'image de marque* am Sport huet de Sportsministère 2023 35 Konventioune mat Sportler*Innen, Federatiounen an Organisateure vu Sportmanifestatiounen ënnerschriwwen. Dës Partner sinn duerch hier Notorietéit am Ausland an de Programm opgeholl ginn a maachen d'Mark Lëtzebuerg am Ausland siichtbar.

D'Sportler*Innen aus dem Programm goufen 2023 mat 85.000 EUR ënnerstëtzt. Donieft kruten déi international Evenementer déi hei am Land organiséiert goufen insgesamt 473.500 EUR an d'Federatiounen 240.500 EUR. Des Weidere gouf nach Promotiounsmaterial am Wäert vun 3.156 EUR kaf.

**Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo